



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 12 mars 2021

REÇU
Par Alff Christian, 08:36, 15/03/2021

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe, la réponse de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes à la question parlementaire n°3625 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.


Jean Asselborn

**Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro Nummer 3625
vum 12. Februar 2021 vum honorabelen Deputéierten, dem Här Fernand Kartheiser**

Äntwert op d'Fro 1:

D'Europäesch Unioun erhofft sech eng verhandelt, ëmfaassend an nohalteg Léisung, déi och de juristesche Status vu Bergkarabach mam Averständnis vun all de Parteie soll reegelen. An dësem Sënn ënnerstëtzt d'EU d'Aarbecht vum Minsk-Grupp vun der OSZE an dem perséinleche Verrieder vum amtéierende Virsätz vun der OSZE.

Äntwert op d'Fro 2:

Den Austausch vun de Krichsprisonéier tëschent Armenien an Aserbajdschan ass am Moment dee Punkt an der Ëmsetzung vum Waffestëllstandsaccord vum 10. November 2020, deen am meeschten ëmstridden ass. Armenien geheit Aserbajdschan vir, nach ëmmer eng gréisser Zuel vun armeneschen Zaldoten a Gefaangenschaft ze halen. Déi aggressiv Rhetorik tëschent Armenien an Aserbajdschan, déi besonnesch vum aserbajdschanesche Präsidant ëmmer nees ugeheizt gëtt, erschwéiert eng konstruktiv Zesummenaarbecht. Den Erhalt vum kulturelle Patrimoine an der Regioun Bergkarabach ass och weiderhin e Sträitthema tëschent Armenien an Aserbajdschan.

Äntwert op d'Fro 3:

Den Aserbajdschan ass Deel vun der europäescher Noperschaftspolitik an der Ëstlecher Partnerschaft. Di Ëstlech Partnerschaft erlaabt et der EU an hire Memberstaaten, e konstruktive mee och kriteschen Dialog mam Aserbajdschan ze féieren. D'EU kann iwwert dee Wee den aserbajdschaneschen Autoritéite wichteg Message ginn a Punkto Respekt vum internationale Recht a vun de Mënscherechter.

Äntwert op d'Fro 4:

De Waffestëllstand vum 10. November 2020 huet säitdeem gehalen, bis op wéineg Ausnamen, mee déi aggressiv Rhetorik ass nach ëmmer do, an den Echange vun de Krichsprisonéier bleift blockéiert. Och gëtt et nach keng Enquëten iwwert d'Krichsverbrieche, déi am Laf vum Konflikt begaange goufen. Déi humanitär Situatioun am Bergkarabach ass nach ëmmer eescht. Den Accès an d'Regioun fir d'Hëlleforganisatiounen gëtt erschwéiert duerch den Aserbajdschan, deen drop pocht, dass den Zougang an de Bergkarabach nëmme iwwert aserbajdschaneschen Territoire erfollegt. Eng dauerhaft Léisung vun dësem territoriale Konflikt ass am Moment net a Siicht.

Äntwert op d'Fro 5:

D'EU huet zënter dem Ufank vun der aktueller Kris humanitär Hëllef fir d'Mënschen an der Regioun geleescht. D'Hëllef vun der EU fir d'Leit am Bergkarabach beleeft sech aktuell op 6,9 Milliounen Euro.

Äntwert op d'Fro 6:

D'Visa-Politik géintwärt dem Aserbajdschan ass duerch d'Accorden iwwert Visa-Facilitatioun a Readmissioun vun 2014 geregelt. Dorunner huet sech näischt geännert.

Äntwert op d'Fro 7:

Den Deploiment vun enger OSZE-Beobachtungsmissioun ass méiglech op Demande vum concernéierte Staat an am Konsens mat all den États participants vun der Organisatioun. Lëtzebuerg ënnerstëtzt grondsätzlech d'Roll vun der OSZE a géing dofir enger OSZE-Beobachtungsmissioun am Bergkarabach zoustëmmen. Am Moment schéngt awer keen Interêt fir esou eng Missioun ze bestoen. Um Terrain si russesch Friddenserhalenstruppen.

D'Attributiounen vun der OSZE leie bei der Konfliktpreventioun an der Léisung vu Konflikter. D'OSZE verfüügt iwwer keng Instrumenter oder Mechanismen, fir sech direkt un der Opklärung vu Krichsverbrechen ze bedeelegen.